
# d'Peffermillen



De Koschter huet nët wëlles des längeren vun der Affär CASA ze schwetzen. D'Dagespress wor fier eng Kéier zimlech ausféierlech an hierer Informatioun a Kommentären. De Koschter hat scho bal geméngt, eemol méi hätt eng Biergerinitiativ Erfolléq an dem KP-Gemengeroot Zénon Bernard séng Motioun géif duerchgoen, d'Buergermeeschtesch misst d'Fabrik zoumache loossen. Mä d'CSV huet mol neess am läschte Moment Waasser gezunn, de Banquet deen d'Direktioun dem Gemengerot kuerz vrun der Ofstëmmung zervéiert huet, wor sëcher zevill iwerzeegend. Dobei as d'CSV-Motioun, di ugeholl gouf, voller Sachfeeler: Et gi keng "gaz toxiques" bei der CASA, mä gëftege Stëps, z.B. Wat heescht ët schon, d'Firma sollt d'Produktioun reduzéieren, bis nei Filteren agebaut sin: em 2% oder em 9o%? Fest steet, dass den Aarbechtsminister glat näischt brauch z'ënnerhuelen. Traureg fënnt de Koschter besonnesch d'Haltung vum LCGB: d'Pei as him méi wichteg wi d'Gesondheet vum Aarbechter. As ët da nach verwonnerlech wann di selwecht Gewerkschaft nët an der Eenheetsfront géint d'Atomzentral vu Kettenuewen vertrueden as? m.p.

De Koschter fënnt ët schlëmm, dass zu Lëtzebuerg d'Chrëschten de Kommunisten ët mol nees eleng iwerlooss hun, géint di nei Atomrakéite vun der NATO ze protestéieren. De Koschter selwer muss allerdéngs zougin, dass en den Termin fier en interessanten Dossier zu deem Thema leider och verpasst hat. An der Belsch woren ët grad kathoulesch Veräiner, di haaptsächlech zu enger grousser Manisfestatioun den 9.12.1979 zu Bréissel opgeruf haten. (z.B. JEC, d'JOC, den MCP, d'Oxfam asw.) Vu Lëtzebuerg aus as jhust e Bus vun der KPL op Bréissel gefuer. An Holland huet den IKV (Interkirchlicher Friedensrat) zu deem och d'kathoulesch Kirch gehéiert, sech géint "Norüstung" an der NATO ausgeschwat an déi holländesch Chrëschtdemokraten wollten op d'mannst fir d'éischt verhandelen ir déi nei Rakéite solle produzéiert gin. Vu chrëschtleche Gewëssensbëss zu Lëtzebuerg hu mir awer näischt héieren- et huet jo och gottseidank keen eis eppes gefrot. De René Neuens huet esouguer an onser chrëschtlecher Zeidung di gelungen Hollänner ganz chrëschtlech "wirklichkeitsfremde Traumwandler" genannt, an domatt hat et sech.
Fier d'Chrëschte bleift d'Verurteelung vum Krich e Prinzip, dat Poopst a Bëscheef zwar geléentlech widerhuelen däerfen, mä dat keng konkret politesch Konsequenzen däerf hun. Souwäit geet den C vun CSV, LCGB, asw. nët. De Sproch "Wann s de Fridde wëlls, bereed de Krich vir" huet zwar scho laang e Poopst besser formuléiert, awer e gëtt ëmmer nees op en neits an der aler Form verwiirklecht. Freet sech, op matt deene sëlleche Rakéiten de Fridde nët e bësse vill viirbereed gëtt. csst

De Koschter bedauert onsen Här Bëschof a säi Generalvikar. Anscheinend wor den Drock aus konservative klerikale Kreeser esou grouss, dass sie sech nët konnten erlaben, op dem Hans Küng séng Konferenz nolauschteren ze kommen. Dobei wäre se bestëmmt keng Gefor gelaf, de richtege Glawen ze verléieren, well dem Här Küng séng Theologie huet sech als dat erwisen wat se dem Koschter sénger Ménung no scho laang as: ganz klassesch an enger moderner Sproch. m.p.

P.S. Dës Nummer wor esou gutt wéi oofgeschloss, wéi Roum säi Machtwuert geschwat huet. Mir hun duerfir ee spezielle "Küng"-Dossier fir déi näxt Nummer viirgesinn.

**Kennen Sie** den Unterschied zwischen Lego und Sex? – Nein? – Dann bleiben Sie bei Lego! *Poldi*